N° 4028
Entrée le 04.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Homejacking ass ee kriminelle Phänomeen, deen sech an Europa an de leschte Jore weider entwéckelt huet. Och hei zu Lëtzebuerg gouf et a gëtt et ëmmer nees där Fäll, wou Familllen oder Eenzelpersoune geziilt an hirer Wunneng iwwerfall ginn. Rezent war dat nach den 22. Abrëll am Norde vun der Stad de Fall.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

– Wéi vill Fäll vun Homejacking gouf et bis ewell zanter 2019 ? Wat fir Persounen oder Famille si besonnesch viséiert ?
– A wéi ville Fäll vun Homejacking koume Persoune kierperlech zu Schued ?
– Wat fir Géigestänn goufen an deem Zesummenhang virun allem geklaut ?
– Gëtt et an der Police eng Berodungsstell fir den Affer vun Homejacking psychologesch zur Säit ze stoen ?
– Iwwer wat fir eng Weeër sensibiliséiert d'Police d'Leit, déi éischter wéi anerer Affer vun Homejacking kéinte ginn a wat réit si hinne konkret fir sech besser ze schützen ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu